



Soirée commune de Sanem : Projet « Zesumme si mir staark »

13 juin 2016 à 18h00

Le discours prononcé fait foi

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären vum Schäfferoot,
Léif Leit,

Et freet mech besonneg den Owend kënnen bei iech ze sinn am Kader vun dësem ganz flotte
Projet deen schon zanter langem besteet, an deen ech a menger duebler Qualitéit als
Chancegläichheetsministesch a Gesondheetsministesch ënnerstetzen.

„Zesumme si mir staark“!

Wéi wouer des Ausso ass! Si trëfft op all Liewenssituatiounen zou.

An enger Zäit wou dobaussen an der Welt an och direkt virun eiser Hausdier net alles riicht
leeft, kréie mir eis ALLENG net staark gemaach.

Mir liewen an enger ëmmer méi materialistescher Gesellschaft, an där oftmools verschidde
Werter wéi de Respekt viru sech selwer ma och deen virun de Matmenschen an der Umwelt
verluer ginn.

D'Leit liewe net méi wirklech mateneen, mee lantscheneen.

Sou e Verhalen bréngt natierlech mat sech dass een op kuerz a lang Dauer och séier
verschiddenen Viruerteeler verfällt, mat deenen ech virun allem als Ministesch fir
Chancegläichheet confrontéiert sinn.

Et sinn déi Viruerteeler déi sech op d'Geschlecht bezéien, déi mech am meeschten
interesséieren.

D'Gläichstellung tescht Mann a Fra ass nach lang net erreecht.

Ech mierken effektiv ganz oft a menger Aarbecht, dass déi Ongläichheet tescht de Geschlechter
fréi ufänkt an zwar graad bei de Kanner, am Spillschoul, respektiv Grondschoulsalter.

Dofir wéilt ech profitéieren fir der Suessemer Gemeng ze félicitéieren fir de Focus genau op déi
Jonk gesaat ze hunn an desem Projet.



Zesumme si mir staark, soll jo graad just de Kanner aus der Grondschoul verschidde Werter vermëttelen, ënnert anerem déi vun der Chancegläichheet tëscht Mann a Fra.

Ech hu virdrun de Respekt viru sech selwer ernimmt, aus deem Grond dass wann ee schon als Kand e gewëssent Selbstvertrauen opgebaut huet, egal op Jong oder Meedchen, een och de néidege Respekt viru sech selwer opgebaut huet, deen et engem erméiglecht sech an der Gesellschaft eremzefannen an déi aner Leit och sou ze respektéieren wéi si sinn.

Dofir fannen ech graad de Workshop deen sech un de Cycle 4 riicht an dee vum Här Kries an der Madame Markova gefouert gouf, besonneg flott.

De versicht op eng kritesch Manéier rauszefannen wéi d'Rolleverdeelung tëscht Jongen a Meedecher am Alldaag ass, an op Jongen a Meedecher an hirem Wiesen tatsächlech vu sech aus sou ënnerschiddlech sinn oder op et hinnen opgezwonge gëtt.

Wa mir eis effektiv vun der traditioneller Rolleverdeelung tëscht Mann a Fra, déi mir dacks souwuel an eisem Privatliewen wéi och an eisem Berufsliewen eremfannen, wëllen distanzéieren, da musse mir ganz bewusst fréi ufänken eis Kanner fir d'Thematik vun der Chancegläichheet ze sensibiliséieren.

De Projet zesumme si mir staark vun der Suessemer Chancegläichheetskommissioun passt dofir wéi d'Fauscht op d'A.

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären vum Schäfferoot,
Léif Chancegläichheetsbeoptragten,

E grouse Merci fir Ärt Engagement, an Är Méi de Sujet vun der Gläichstellung tëscht Mann a Fra eescht ze huelen!

Mir mussen eis froën wisou mir haut nach, am 21. Johonnert méi oft Männer a méi technesche Beruffer a méi Fraën a méi soziale Beruffer remfannen.

Mir wëssen dass d'Meedecher an der Schoul generell déi beschte Resultater hunn, an och an de Wëssenschaften gutt Resultater hunn, a Jongen sech secher och fir Beruffer wéi Hiewamm gengen interesséieren wann een hinnen net graad ënnerstellen géing dass dach irgendepes net stëmmt mat hinnen well si sech fir sou e „weibleche“ Beruff interesséieren.

Muss e Mann oder e Jong noutgedrongen ëmmer mat Stärkt an Pragmatismus associéiert ginn an d'Fra an d'Meedercher mat Schwächt an Sensibilitéit?



Kënne Meedecher wirklich besser de Stoot féieren wi Jongen a kënne Jonge wirklich besser Handwierksaarbechte maachen Doheem wi Meedecher?

Ass daat alles vun Natur aus sou oder si mir et, di Erwuessen, Elteren, Léierpersonal déi duerch eis konservativt Denken d'Kanner dozou verleeden daat traditionnellt Rollbild unzehuelen.

Meng Aufgab als Chancegläichheetsministesch, an och indirekt als Gesondheetsministesch, ass déi Jonk op eng geschlechtsneutral Denkweis opmierksam ze maachen an op e Gesellschaftsliewen firzebereeden an deem all privat an beruflech Méiglechkeeten opstinn, onofhängesch vum Geschlecht.

D'Gesondheet vun engem Kand oder Erwuessenen hänkt ganz vill domatt zesummen wéi en sech a sengem Kapp an a sengem Kierper fillt.

Wa mir also de Kanner sou fréi wéi méiglech erklären, dass d'Leit wuel deem engen oder anere Geschlecht ugehéieren, dofir awer selwecht sinn, an déi selwecht Chance gebuede kréien am Liewen, wärten si sech mi fräi fillen an net no Stéréotypen handeln.

Männer a Fraën ergänzen sech an allem waat se maachen, souwuel am Berufsliewen wéi och am Privatliewen.

Et ass bewisen dass d'Mixitéit um Niveau Geschlecht eng plus-value ass fir e Betriib. E Betriib deen eng grouss Mixitéit huet ass och méi performant.

Si gëtt dem Betriib méi eng grouss Aarbechtsqualitéit an eiser Gesellschaft secher och eng besser Liewensqualitéit.

Wann een also eng gesond Mixitéit op der Aarbechtsplatz huet, fënnt een noutgedrungen de selwechte Mix Doheem am Privaliewen erëm wou d'Rolleverdeelung am Stoot eng aner wärt sinn.

Dem ministère seng Aufgab ass et ze informéieren an ze sensibiliséieren.

D'Kanner hunn am Prinzip nach keng färdeg Meenung iwwert d'Rolleverdeelung vu Mann a Fra an eiser Gesellschaft.

Dofir ass et do méi einfach unzesetzen, an et ass wichteg hinnen déi méi open Denkweis op eng spilleresch Manéier bäizebrennen.

Ech denken wann d'Kanner en Ausgleich fonnt hunn an hirem Liewen, an hiert Liewen net vun Ënnerscheeder bestëmmt gëtt, dann ass d'Gewaltbereedschaft déi och an dësem Projet ugeschwaat gëtt an déi mir och nach vill ze oft gesinn, net méi sou grouss.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des chances

Et ass also net vu Muttwëll wa mir zesumme kommen, wéi haut den Owend fir eis staark ze maachen fir e Liewen ouni Virurteeler.

Ech sinn iwwerzeescht dass dese Projet e wichtege Investissement ass fir eis Jugend, an ech hoffen deemno dass en nach weider vill Succès wäert hunn.

Ech soën iech merci.